



Entrevue : Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Mir haten den 19.02.2022 eng Entrevue mam Ministère de l'éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, wou dëse behaupt huet datt sinn « villes » gemaach hunn:

- Néi Formatiounen
- Terrain berouegt

De Lex Folscheid, en héije Beamten aus dem Educatiounsministère huet sech zur Valorisation vum Meeschter net eendeiteg geäussert Si missten ons Fuerderungen nach analyséieren ier Si Stellung kéinten huelen. Hien ass der Meenung, dass hei och d'Fonction publique misst matentscheeden. Dem stëmme mir zum Deel zou, mee et geet eis net nëmmen ëm d'Fonction publique mee och ëm d'Meeschteren am Privaten! Mir fanne fir de Meeschter am ganze Land ze valoriséiere muss den Educatiounsminister d'Valeur vum Brevet eropsetzen. Mir hu festgehalten dat den Educatiounsministère eis um lafenden hält iwwert weider Gespréicher zum Thema mat der Chambre des Métiers. Dat geet eis sécherlech net duer, et ass e gudden Usaz mee mir hunn d' Gefill wéi wann hei op Zäit gespillt geet. Et ass lo, wou eppes geschéie muss, soss geet et weider wéi dat schonn all déi Joren de Fall war. Mir hunn och iwwer de CNFPC geschwat, iwwer d'Astellung vu Leit mat engem CATP/DAP, Technikerdiplom am B1 obwuel d'Gesetz eng Meeschterprüfung voraussetzt. Madamm Schaber, Directrice vun der Berufsausbildung, gesäit dëst als eenzeg Moosnam fir dem Manktem u Meeschteren entgéintzewierken. Mir fannen dat hei de Meeschter ofgewäert gëtt anstatt de Brevet op der anerer Säit ze valoriséieren. Et ass wierklech besuergneserreegend wat do gemaach gëtt. D'Problematik, datt keen an d'Handwierk well goen an dëst keng Unerkennung an der Gesellschaft huet, ass net geléist!

Reforme vun der Reforme vun der Reforme.....en déjà Vue, ass nach net ofgeschloss. Et si Chantieren um Lafen, wou scho virun der Direktesch vun der Formation professionnelle am gaange waren, ier Si am Amt war. Nach méi schlëmm ass datt e Minister zwou Legislaturperioden am Amt ass a keng Valeur fir d'Handwierk ze gesinn ass.

D'Iddi vum Ministère ass, datt e Meeschter muss zousätzlech Couren op der Universitéit Lëtzebuerg maachen oder an de Centre de compétence muss goe fir weider Kompetenzen ze erschaffen. Kompetenzen, also Fäertegkeeten, huet e Meeschter méi wéi genuch. Dagdeeglech muss e Meeschter dëst erschaffe fir an der moderner Zäit matzehalen. Net nëmmen d'Theorie muss ee wëssen, mee och d'Fäertegkeeten hu fir d'Theorie praktesch ëmzesetzen.

Mir fuerderen eng Valorisation vum Handwierk a vum Meeschter, mee wat musse mir feststellen? E Meeschter ass zu Lëtzebuerg mat engem Technicien gläichgestallt. Ass dat richtig? Oder weist dëst, dass beim Ministère keen Interesse um Handwierk ass, fir Meeschteren ze valoriséieren, fir dem akute Mangel am Handwierk entgéint ze wierken?

Adresse postale:

AMELUX a.s.b.l
c/o Peiffer Serge
8, rue des modeleurs L-3589 Dudelange

Tél : (+352) 691635785
Courriel : info@amelux.lu
www.amelux.lu